N°2253
Entrée le 06.06.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2253 vun den honorabelen Deputéierte Francine Closener an Dan Biancalana**

1. **Wéi eng Suite gëtt de Minister de Recommandatiounen aus dem Rapport thématique vum Observatoire national de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire?**
2. **Wéi eng Suite gëtt de Minister den Doléancen vum SEW/OGBL?**
4. **Sinn zousätzlech Fërderprogrammer geplangt, fir Schoulen ze hëllefen, déi zousätzlech Ënnerstëtzung brauchen? Falls jo: Wéi eng Programmer si virgesinn? Wéini ginn esou d'Programmer en place agefouert? Falls nee: Firwat kënnt de Minister der Recommandatioun vum Observatoire net no?**

Den Observatoire national de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire huet am Kader vu sengem Rapport *Contingent - Evaluierung und Perspektiven für mehr Chancengerechtigkeit im Enseignement Fondamental* fënnef Recommandatioune formuléiert:

a. <u>Statistesch Glättung zur Reduzéierung vu järleche Schwankunge (virun allem bei klenge Gemengen)</u>

Järlech Schwankunge kënnen eenzeg duerch Fluctuatiounen um Niveau vun de Schülerzuelen entstoen, déi eent vun de Schlësselelementer duerchstelle fir d'Berechnung vum Contingent.

Op Basis vun enger Analys vun der Entwécklung iwwert een Zäitraum vu fënnef Joer vun der Schülerzuel an den eenzelne Gemenge konnt festgestallt ginn, datt bei den allermeeschte Gemengen ee kloren Trend ze erkennen ass.

All Gemeng elaboréiert e pluriannuelle Plang, an deem eng Period vu fënnef Joer en compte geholl gëtt. An dësem Kontext ginn eng sëlleche Parameter consideréiert, dorënner ënnert anerem déi demographesch Entwécklung vun den eenzelen Altersgruppen an d'Erwaardunge vun der Populatioun un d'Offer vun de Servicer, déi duerch d'Gemeng oder a Kollaboratioun mat dëser ugebuede ginn. D'Gemengen, déi zesumme mat deenen anere lokalen Acteure responsabel si fir d'Elaboratioun vun der Schoulorganisatioun, kënnen dës deemno der Entwécklung vun der Schülerzuel upassen a gegeebenenfalls gezillt op d'Spezifizitéite vun der Entwécklung agoen.

Bei der ëmgesater Analys konnte just ganz vereenzelt Gemengen identifizéiert ginn, bei deenen et an de leschte Jore gréisser Schwankungen an der Schülerzuel gouf, déi meeschtens op exceptionell lokal Verännerungen zeréck ze féiere sinn. War et net méiglech, dës Schwankungen am Kader vum Contingent mat ze consideréieren (z.B.: Arrivée vun enger grousser Unzuel u neie Schüler no der Rentrée bedéngt duerch d'Fäerdegstellung vun enger grousser Unzuel u neie Wunnunitéiten), da konnten déi concernéiert Gemengen eng Demande stellen, fir déi duerch den Impakt vun dësen exceptionelle Schwankungen entstanen nei Besoinen op ze fänken.

D'Zil vum Matabezéie vun der reeller Kannerzuel ass et, eng méiglechst equitabel Verdeelung vun de Ressourcen ze assuréieren. Ee weidert Strecke vun den Zuelen ass deemno net am Sënn vun enger

gréisserer Chancëgerechtegkeet an d’Méiglechkeet, via eng individuell Demande vun der Gemeng exceptionelle Schwankunge vun der Schülerzuel Rechnung ze droe schéngt méi opportun.

b. Besser Kommunikatioun iwwert de Basis- an Zousazcontingent (inklusiv zusätzlich erklärenden Informatiounen op Gemengen- an Schoulniveau)
c. Optiméiert Ressourcenverdeelung op Schoulniveau

D’Verdeelung vun de personelle Ressource um Gemengenniveau soll den effektive Besoine vun der jeeweileger Schülercommunautéit Rechnung droen a sech net unhand vun engem reng arithmetesche Calcul erginn. An dësem Zesummenhang stinn de Membere vun de lokale Schoulcommunautéiten empiresch Donnéeën zur Verfügung, ënnert anerem d’Resultater vun den Épreuves standardisées an d’Conclusiounen aus dem Bildungsbericht. D’Matabezéie vun dësen erlaben et de Gemengen a Concertatioun mat deenen anere lokalen Acteuren an am Kader vun der Ëmsetzung vum jeeweilege Plan de développement de l'établissement scolaire (PDS) d’Ressourcen entspriechend de Besoine vun der Schülerschaft ze verdeelen.

d. Erhéichung vum Zousazcontingent fir der wuessender Heterogenitéit vun der Schülerpopulatioun Rechnung ze droen

D’Heterogenitéit vun der Lëtzebuerger Bevëlkerung, an domat och vun der Schülerschaft, ass an de leschte 15 Joer weider geklommen. Fir dëser Heterogenitéit an der Schoul Rechnung ze droen an entspriechend déi néideg Ressourcen, ënnert anerem personeller Natur, zur Verfügung ze stellen, goufe zanter der Aféierung vum Contingent 2009 eng Rei weider Mesuren ausgeschafft an ëmgesat.

Bei der Analys vun der Evolutioun vun de Ressourcen, déi fir den Encadrement vun de Schülerinnen a Schüler am Grondschoulalter zur Dispositioun stinn, ass et wichteg, de Gesamtspektrum vun de Ressourcen ze consideréieren. Dee Moment geet aus der Analys ervir, datt ënnert dem Stréch elo méi Ressourcë fir den Encadrement vun de Schülerinnen a Schüler zur Dispositioun sti wéi nach viru 15 Joer. An enger éischter Phas no der Aféierung vum Contingent gouf effektiv d’Zuel vun den Encadrementsstonne pro Schüler an der nationaler Moyenne reduzéiert an entspriechend goufe Stonnen agespuert. Wann een d’Zuel vun den Encadrementsstonne pro Schüler aus dem Schouljoer vun 2010/2011 mat deenen aus dem Schouljoer vun 2015/2016 vergläicht, ass d’Zuel vun den Encadrementsstonne pro Schüler an der Landesmoyenne wärend dëser Period vun 2,28 op 2,23 gefall.

Nom Schouljoer 2015/2016 ass d’Zuel vun den Encadrementsstonne pro Schüler an der nationaler Moyenne nees geklommen, fir am Schouljoer 2024/2025 de Wäert vun 2,5 Leçone pro Kand ze erreechen. Deemno sinn d’Ressourcen an enger éischter Phas vu fënnef Joer ëm 2,19 % erofgaangen, fir duerno wärend néng Joer bis d’Schouljoer 2024/2025 ëm 12,11 % eropzegoen.

Am Kader vun dëser Augmentatioun vun de personelle Ressourcen, déi an de Grondschoulen intervenéieren, gouf spezifesch op de Rekrutement vu spezialiséiertem Personal gesat, fir esou de Schoule Spezialisten zur Verfügung ze stellen, déi um Niveau vun der Differenzéierung an der Prise en charge vun de Schülerinnen a Schüler mat spezifesche Besoinen de pedagogeschen Ekippen zur Säit stinn an hei natierlech och aktiv matwierken, fir esou den Encadrement vun all de Kanner ze optimiséieren. De Recrutement vum spezialiséierte Personal ass onausweichlech fir sécherzestellen, datt zousätzlech Ressourcen net eenzeg fir d’Reduzéierung vun der Klassegréisst genotzt ginn, mee datt heiduerch och Besoinen aus komplementaren Domainë kennen ofgedeckt ginn. Esou steet zum Beispill den I-EBS dem Enseignant prioritär beim Encadrement vu Schüler mat Léierschwieregkeeten zur Säit wärend den A-EBS dësen bei der Prise en charge vu Schüler ënnerstëtzt, déi Hëllef brauche bei der Ëmsetzung vun Alldagsgesten.

Zousätzlech gouf och de Surplus u Leçonen, deen d'Gemenge kënnen ufroen, iwwert déi lescht 15 Joer weider ausgebaut. Dëst erlaabt de Gemengen, fir zousätzlech personell Ressourcen am Fall vun engem exceptionelle lokale Besoin un ze froen an esou op lokal Spezifizitéite kennen anzegoen.

Evolutioun vun de Ressourcen (a Leçons resp. sozi-educative Stonnen ausgedreckt)

| | 2010/2011 | 2015/2016 | 2020/2021 | 2024/2025 |
|---|---|---|---|---|
| **Unzuel u Schüler** | 45.381 | 46.510 | 50.054 | 53.099 |
| **Basiscontingent (Indice social abegraff)** | 94.649,95 | 91.445,915 | 97.950 | 104.013 |
| **Vum MENJE accordéierte Surplus (op Demande accordéierte Surplus, Leçons PDS/PRS, Cours d'accueil)** | 1.779,5 | 3.202,5 | 4.492 | 5.794 |
| **Zousätzlech Ressourcë fir EBS** | 7.068,5 | 9.208 | 16.395,5 | 23.065,6 |
| **Total (Leçons/sozio-educativ Stonnen)** | 103.497,95 | 103.856,42 | 118.837,5 | 132.872,6 |
| **Unzuel u Leçons/sozio-educative Stonnen pro Schüler** | 2,28064498 | 2,2329911 | 2,3741859 | 2,5023795 |

De lokalen a regionalen Dispositif gëtt ergänzt duerch déi national Offer vun de Kompetenzzentren, déi hirersäits duerch spezialiséiert Personal d'Prise en charge vun de Kanner mat spezifesche Besoinen ergänzen.

Dës Zuele weise kloer, datt den néidegen Effort ënnerholl gouf, fir den Encadrement vun de Schüler am Enseignement fondamental ze verbesseren an datt déi néideg Ressource mobiliséiert goufen, fir de Besoine vun den ënnerschiddleche Schoulpopulatiounen gerecht ze ginn an dëst ouni d'Berechnung vum Contingent ze veränneren.

e. Zusätzlech Förderprogramme fir besonnesch betraffe Schoulen

De Schüler mat spezifesche Besoine  steet mam spezialiséierte Personal a Form vun den I-EBS, A-EBS an der ESEB eng zousätzlech Ënnerstëtzung zur Verfügung. Fir besonnesch déi méi betraffe Schoulen ze fërderen, gëtt bei der Attributioun vun de spezialiséierte personelle Ressourcen, déi um lokalen Niveau intervenéieren, den Indice social verstäerkt a Compte gezunn.

Zousätzlech hunn sech d'Regionaldirektiounen den Optrag ginn, fir speziell déi Schoule pedagogesch ze ënnerstëtzen, déi bei de Resultater vun den Épreuves standardisées hannert den erwaarte Resultater fir hier Schoul blouwen. An dësem Kontext wäerten sech d'Regionaldirektioune matenee vernetze fir Best-Practice Beispiller vu Schoule mat enger änlecher Zesummesetzung a bessere Resultater bei den Épreuves standardisées ze identifizéieren a mat Hibléck op d'Besoine vun hirer Schülerpopulatioun ëmzesetzen. Heiduerch gëtt eng besser Prise en charge erméiglecht.

**3. Sinn Upassungen um Niveau vum Contingent (z.B. eng statistesch Glättung, eng Erhéijung vum Zousatzkontingent o. Ä.) geplangt? Falls jo: Wéi eng? Fir wéini plangt de Minister Upassungen? Falls nee: Wéi argumentéiert de Minister, datt en déi offensichtlech noutwendeg Upassungen net mécht?**

De Regierungsprogramm 2023-2028 hält ënnert anerem déi Mesurë fest, déi an der aktueller Legislaturperiod geplangt sinn, fir den Encadrement vun de Schüler am Enseignement fondamental ze verbesseren a weider auszebauen. Hei sinn an éischter Instanz follgend Mesuren ze nennen:

- Déi lokal Equippen an de Schoule gi verstäerkt. Den Dispositif an de Schoule gouf a gëtt ausgebaut andeems zousätzlech I-EBS zur Verfügung gestallt ginn an den A-EBS fir

d'Schouljoer 2024-2025 agefouert gouf. Fir d'Schouljoer 2025/2026 gi weider 17 I-EBS Poste besat a sinn aktuell 50 A-EBS-Posten ausgeschriwwen.

- D'Konzept vun engem zweeten Intervenant am Cycle 1 gëtt developpéiert fir esou eng besser Differenzéierung an der Klass ze erméiglechen an alle Schüler déi beschten Ausgangsviraussetzungen ze bidden.
- De Reseau vu regionale Antennen vun de Kompetenzzentre gëtt ausgebaut fir et de concernéierte Schüler ze erméiglechen onofhängeg vun hirem Wunnuert vun dëser Offer ze profitéieren

Lëtzebuerg, de 6. Juni 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH